ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister an un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Wéi verschiddenen däitsche Medieberichter ze enthuele war, goufen an de leschte Méint queesch duerch Europa erfollegräich eng Rei gréisser Policeoperatioune géint déi organiséiert Drogekriminalitéit duerchgefouert. No deenen zitéierte Medieberichter waren des Erfolleger virun allem dorop zeréck ze féieren, datt et der franséischer Police gelonge war, an de cryptéierte Kuerznoriichtendéngscht " EncroChat" anzedréngen an d'Messagen ze dechiffréieren a justiziell ze exploitéieren.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un d'Madamm Justizminister an un den Här Policeminister:

1) Däerfen d'Police, respektiv de SREL op cryptéiert Messagen op Handyen zougräifen? Wa jo, ënnert wéi enge Konditiounen a mat wéi enge Prozeduren? Wann net, ass un eng Gesetzesännerung geduecht?
2) Verfügen si iwwert déi néideg personnell Moyenen an technesch Equipementer fir kënne modern Verschlësselungen, wéi se och an der organiséierter Kriminalitéit benotzt ginn, ze dechiffréieren? Wann net, ass dru geduecht fir hir Ressourcen an nächster Zäit opzestocken an ze moderniséieren?
3) Kënnen d'Lëtzebuerger Autoritéite doriwwer raus kuerzfristeg op d'Ressource vun auslännesche oder internationale Partner an Agenturen zeréckgräifen, wann si am Eenzelfall net iwwert dat noutwenneg Personal oder deen néidegen techneschen Equipement verfügen? Falls jo, op wéi enger rechtlecher Basis?
4) Op wéi enger rechtlecher Basis kënne potentiell strofrechtlech relevant Donnéeën, déi cryptéiert woren a vun de Lëtzebuerger Sécherheetsdéngschter selwer entschlësselt goufen oder de Lëtzebuerger Enquêteure vun auslännesche Partner iwwermëttelt goufen, zu Lëtzebuerg viru Geriicht benotzt ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten